



Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6722 vum 26. August 2022 vun den honorabelen Députéierten Carlo Weber an Dan Biancalana

Ad 1), 2) an 3) :

Bedéngt duerch déi niddereg Unzuel, déi Poursuitten am Total vun den Asätz vun der Police ausmaachen, gi keng spezifesch Statistiken iwwer Schued oder Accidenter bei Poursuite gefouert. Esou datt et onméiglech ass déi gefroten Zuelen ze liwweren.

Ad 4):

Bei enger Poursuite muss keen vun der Police informéiert ginn.

Ad 5) et 6):

D'Decisioun fir eng Poursuite anzeleeden an ofzebriechen, läit an éischer Linn am Ermiesse vun de Verfolgungsbeamten. Bei senger Appreciatioun muss de Beamten engersäits d'Gefor, déi vum verdächtige Chauffeur ausgeet (eventuell Strofdot, Barrage forcéiert, sech enger Kontroll entzunn asw.), an anerersäits d'Risiko fir de Stroosseverkéier mat abezéien.

Lëtzebuerg, den 6. September 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX